N°8008
Entrée le 19.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.05.2023

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2023

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

„Weedmëllech schéngt ëmmer méi eng Raritéit an Europa ze ginn. An Däitschland ginn nach just 4 vun 10 Kéi op d'Weed. Déi aner ginn am Stall gehalen. Et ass natierlech kloer, datt et fir etlech Betriber immens käschtenopwändeg ass, fir d'Kéi all Dag, wou et geet, op d'Weed ze schécken. Och ass et net einfach, sou wéi dat fréier de Fall war, fir d'Kéi iwwer d'Strooss an hir Pierch ze dreiwen. Do stellen sech ouni Zweiwel Sécherheetsfroen.

Doriwwer eraus huet och net all Bauerebetrib direkt Plaz beim Koustall fir seng Kéi op d'Weed ze schécken ouni se mussen ze transportéieren oder iwwer d'Strooss ze begleeden. Et gëtt awer behaapt, datt Kéi, déi dobausse weeden, sech méi wuel fillen an datt d'Weede besser fir de Klima wier.

Aus deem Grond wollte mir dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Betriber setzen och nach haut nach heiheem op Weedmëllech? Wat ass hiren Undeel an der Mëllechproduktioun?

2. Ënnerstëtzt de Ministère spezifesch Projekter, déi nees méi op Weedmëllech setzen?

3. Ginn et Qualitéitsënnerscheeder tëschent Weedmëllech a Stallmëllech?

4. Gëtt et eng genee Definitioun vun deem wat präzis ënner Weedmëllech ze verstoen ass?“

Mat déiwem Respekt,

André Bauler
Deputéierten

Gusty Graas
Deputéierten